



**PROJET  
PLAN D'ÉTUDES  
2025**



**KONSULTATIONSPHAS**

National Elterevertrieber

**COLAB-WORKSHOP**  
**'Projet Plan d'études 2025'**

14. Mee 2022 - EduPôle zu Walfer



**SCRIPT**

Service de Coordination de la Recherche  
et de l'Innovation pédagogiques et technologiques

**Curriculum**

Division SCRIPT



## Impressum

© Service de Coordination de la Recherche et de l'Innovation pédagogiques et technologiques  
Ministère de l'Éducation nationale, de l'Enfance et de la Jeunesse  
Luxembourg

Auteur: SCRIPT – Division du développement du curriculum

Contact: [curriculum@script.lu](mailto:curriculum@script.lu)  
[www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) / [www.script.lu](http://www.script.lu)

ISBN 978-99959-1-485-1

Edition November 2022



## Inhaltsverzeechnes

<b>1</b>	<b>Virwuert</b> .....	4
<b>2</b>	<b>Steckbréif vum CoLab-Workshop</b> .....	5
<b>3</b>	<b>Introduktioun an de CoLab-Workshop</b> .....	6
	3.1 Theematesch Aleedung .....	6
	3.2 Präsentatioun vum Oflaf vun der Konsultatiounsphas .....	11
	3.3 Atelieren .....	12
<b>4</b>	<b>Zesummeffaassung vun den Diskussiounen</b> .....	14
	4.1 Déi aktuell Programmer .....	14
	4.2 Wéi kann een déi sproochlech Diversitéit an de Schoulen geréieren? .....	16
	4.3 D'Iwwergäng an der Schoul .....	20
	4.4 Wéi eng Evaluatioun wënne sech d'Elteren? .....	23
	4.5 Boîte à outils .....	26
<b>5</b>	<b>Kontakt</b> .....	28
<b>6</b>	<b>Fotogalerie</b> .....	29

# 1. Virwuert

“Et brauch een e ganzt Duerf, fir e Kand ze erzéien”: Dëst bekannt afrikanesch Spréchwuert weist dorobber hin, dass d’Schoul alleng de Bildungsoftrag net stemme kéint. An der Covid-19-Kris huet sech nach méi kloer gewisen, wéi wichteg d’familiäert Ëmfeld vum Kand ass a wat gebraucht gëtt, wann dat Ëmfeld feelt.

Am Kader vum Projet ‘Plan d’études 2025’ organiséiert d’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT an de Schouljoren 2021/2022 an 2022/2023 sechs theematesch ënnerschiddlech CoLab-Workshopen<sup>1</sup> mam ganze Bildungsberäich. Et ass während de Preparatioune ganz séier kloer ginn, dass d’Reflexiounen iwwert de Plan d’études vum Enseignement fondamental net just mam Léierpersonal sollte gefouert ginn, mee eng gesamtgesellschaftlech Approche ubruecht ass.

An deene meeschte Fäll sinn d’Eltere keng Bildungsexperten. Si sinn awer déijéineg, déi all Dag materliewen, wéi d’Schoul op hir Kanner wierkt an entwéckelen doduerch e staarkt Gefill fir dat, wat fir hir Kanner funktionéiert a wat nei sollt geduecht ginn.

An de Bilansgesprécher kréien d’Elteren d’Geleeënheet, sech mam Enseignant iwwert hiert Kand auszetauschen, mee si kréie seelen d’Méiglechkeet, iwwert de Plan d’études méi allgemeng nozedenken a sech mat aneren Elteren doriwwer auszetauschen.

Mam Gesetz vum 2018 iwwert d’Schafung vun der nationaler Elterevertriedung gouf den Dialog tëschent der Schoul an den Elterevertrieder institutionaliséiert. Et war also evident, dass d’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung d’Zesummenaarbecht mat der nationaler Elterevertriedung gesicht huet, fir e CoLab-Workshop iwwert de Plan d’études ze organiséieren a fir sou d’Stëmm vun den Elteren an dësem wichtege Projet kënnen ze berücksichtegen.

Op engem Moien, dem 14. Mee 2022, hunn d’Elterevertrieder dëse CoLab-Workshop zesumme mat der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung organiséiert, fir um EduPôle zu Walfer iwwert verschidden Theeme ronderëm de Plan d’études ze diskutéieren. 47 Participantë sinn der Invitatioun nokomm. De virleiende Rapport faasst d’Diskussiounen zesummen, déi am CoLab-Workshop mat den Elterevertrieder gefouert gi sinn. No der Virstellung vun e puer Modalitéiten a Statistiken am Kapitel 2 an 3 geet et am Kapitel 4 ëm de konkreten Inhalt vun dësem CoLab-Workshop. Inhalter vun dësem an anere Rapporten stellen eng Basis duer, op där weiderféierend Diskussiounen ronderëm den neie Plan d’études 2025 solle gefouert ginn. Wann Dir u generellen Informatiounen iwwert de gesamte Projet “Plan d’études 2025” a säin Ursprung interesséiert sidd, da konsultéiert wgl. eisen Internetsite [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu).

Mir wënschen lech eng gutt Lecture!

D’Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

**Curriculum**  
Division SCRIPT

---

1 CoLab ass ofgeleet vun ‘collaborative laboratories’. Dëst si partizipativ Atelierer, déi vum SCRIPT ronderëm Ufroen, Virschléi a Projete mat Enseignanten, nationalen an internationalen Experten a Leit, déi vum Projet betraff sinn, duerchgefëiert ginn. (<https://curriculum.lu/colab>).

## 2. Steckbréif vum CoLab-Workshop

### Wéini a Wou?

- 14. Mee 2022 am Presentiel um EduPôle zu Walfer

### Wéi vill?

- 47 Participanten (bei 52 Umeldungen)

### Wien?

- Participanten: Alleguerten d'Elterevertrieder aus dem Enseignement fondamental, dem Enseignement secondaire an de Centres de compétences goufen ugeschriwwen
- Moderatioun: Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT a Membere vun den Elterevertrieder

### Format?

- CoLab-Workshop mat 5 Atelieren:
  - > Atelier 1 – Les programmes actuels
  - > Atelier 2 – Les langues à l'école
  - > Atelier 3 – Les passages
  - > Atelier 4 – L'évaluation
  - > Atelier 5 – Boîte à idées

D'Participantë konnten no eegenem Interessi tëschent den Atelieren zirkuléieren.

## 3. Introduktioun an de CoLab-Workshop

An dësem Kapitel kënt Dir déi theematesch Aleedung noliesen, déi während dem CoLab-Workshop vu Säite vum *Research and Development Specialist* Patrick Franzen vun der Uni Lëtzebuerg gemaach ginn ass. An sengem Virtrag zum Thema '21st century skills' huet hien den Elteren en Iwwerbléck iwwert d'Kompetenze verschafft, déi der Bildungsfuerschung no an Zukunft pertinent kéinte sinn. Gläichzäiteg konnten esou d'Theemen, déi duerno an den Ateliers beschwat sollte ginn, scho graff ëmress ginn. Am Kapitel 4 (S. 14) geet et weider mat den Aussoen, déi d'Participanten an den Ateliers gemaach hunn.

### 3.1 Theematesch Aleedung

Sehr geehrte Damen und Herren, mein Name ist Patrick Franzen. Ich arbeite seit knapp 5 Jahren als Research Specialist an der Universität Luxemburg. Meine Forschung fokussiert sich auf Faktoren, die den Erfolg in der Schule beeinflussen und vorhersagen können. Ich freue mich sehr, heute mit Ihnen über *21st Century Skills* als fächerübergreifende Kompetenzen und über das luxemburgische Curriculum sprechen zu dürfen.

Ich würde gerne mit einem Zitat von Andres Schleicher (dem PISA-Vater) beginnen:

*“Today, because of rapid economic and social change, schools have to prepare students for jobs that have not yet been created, technologies that have not yet been invented and problems that we don't yet know will arise.”*

Mit anderen Worten ist es die Aufgabe der modernen Schule, ihre Schülerinnen und Schüler (SuS) auf Aufgaben vorzubereiten, die erst noch entstehen werden und die uns heute noch nicht bekannt sind. Das Zitat bezieht sich also auf die fundamentalen Veränderungen in unserer Gesellschaft in den letzten Dekaden, z. B. der Globalisierung oder der Digitalisierung. Diese Veränderungen, die unser Miteinander, unser Lernen, und unsere Verbindungen mit der Welt nachhaltig beeinflusst haben, verdeutlichen auch die Relevanz von *21st Century Skills*.

Diese grundlegenden Veränderungen lassen sich auch in unserer Arbeitswelt beobachten. Während noch vor 50 Jahren körperliche Arbeit und Routineaufgaben die Arbeitswelt bestimmt haben, verschwinden diese seitdem zunehmend, während die Bedeutung von *21st Century Skills* am Arbeitsplatz zunimmt. Besonders deutlich wurde das während der letzten Jahre in der Corona-Pandemie. Sie haben es vermutlich alle selbst erlebt: plötzlich musste jeder ein Experte für digitale Medien sein, um entweder selbst Zoom-Meetings zu organisieren, oder die Kinder beim digitalen Unterricht zu unterstützen.

### Definitionen von *21st Century Skills*

Aber was genau sind überhaupt *21st Century Skills*? Grob zusammengefasst sind es alle Fähigkeiten und Kenntnisse, die zur Bewältigung von Aufgaben im Informationszeitalter benötigt werden. Je nachdem, wen man fragt, wird man unterschiedliche Antworten erhalten, welche Fähigkeiten das nun genau umfasst. Es gibt einige Frameworks, die unterschiedliche Definitionen von *21st Century*

*Skills* verwenden, darunter die der OECD, von internationalen Unternehmen wie Microsoft, und auch jene der Europäischen Kommission. Das zeigt einerseits, wie viel Interesse am Thema besteht, und andererseits, dass *21<sup>st</sup> Century Skills* unterschiedliche Kompetenzbereiche abbilden, z. B. kognitive, aber auch emotionale und soziale Kompetenzen. Ich möchte nicht auf alle diese Frameworks im Detail eingehen. Wenn man sich verschiedene Frameworks ansieht, stößt man regelmäßig auf einige bestimmte Kompetenzen:

Beispielsweise definiert das **PISA Framework** unter anderem diese **8 Kompetenzen**:

1. Kollaboratives Problemlösen/Teamwork
2. Adaptation & Flexibilität
3. Kommunikation
4. ITC Literacy & Computational Thinking
5. Systemisches Denken
6. Kritisches Denken
7. Kreativität
8. (Komplexes) Problemlösen

Die ersten drei hiervon lassen sich gut als Sozialkompetenzen zusammenfassen, die letzten drei als komplexe Lösungswege oder Reflexionskompetenzen.

Auf nationaler Ebene hat das **SCRIPT** ein Framework erstellt, das einen übergeordneten Rahmen und eine strukturierte Orientierung für unterschiedliche *21<sup>st</sup> Century Skills* gibt (Multiliteracy-Kompetenz, Sozialkompetenz, Reflexionskompetenz, Transformative Kompetenz, Selbstkompetenz)<sup>2</sup>. Das Framework ist angepasst auf die Spezifika von Luxemburg. Daher würde ich auf diese Kompetenzen gerne etwas genauer eingehen.

Die **Multiliteracy-Kompetenz** umfasst einen kompetenten Umgang mit Sprache, mathematischen Operationen, digitalen Technologien und Medien, um auf konstruktive Weise mit der Gesellschaft zu interagieren, d.h. Probleme und Herausforderungen anzugehen und zu lösen, Zugang zu Wissen zu erhalten, Wissen zu teilen und/oder neues Wissen zu erschaffen, sein Potenzial zu entfalten und auszuschöpfen und am gemeinschaftlichen Leben teilzunehmen.

Die **Sozialkompetenz** beschreibt die Fähigkeit, verantwortungsvoll mit seiner Umwelt zu interagieren, um Beziehungen einzugehen, zu kollaborieren, zu verhandeln und Konflikte zu lösen.

Die **Reflexionskompetenz** als dritte Komponente ist die Fähigkeit, zu entscheiden und angemessene kognitive Strategien abrufen und einsetzen zu können. Dabei geht es um den Umgang mit verschiedenen Arten von Wissen, den Einsatz unterschiedlicher Denkansätze und die Flexibilität, gegenüber Alternativen offen zu bleiben.

Die **Transformative Kompetenz** ist definiert als Fähigkeit, das eigene Repertoire sowie externe Ressourcen aktivieren und benutzen zu können. Das umfasst Situationen zu bewerten, aktiv sowie verantwortungsbewusst am Gemeinschaftsleben teilnehmen zu können und einen nachhaltigen Beitrag zur Gesellschaft zu leisten.

---

2 Eng méi detailléiert Beschreiwung vun dese 5 Schlësselkompetenzen fënnt sech op <https://www.curriculum.lu/vvcc>

Zu guter Letzt beschreibt die **Selbstkompetenz** die Fähigkeit, das eigene Verhalten, Handeln und Entscheiden auf eine gegebene Situation zuzuschneiden und dabei autonom und verantwortungsvoll vorzugehen. Man soll also fundierte Entscheidungen treffen können und persönliche Projekte realistisch einschätzen können, um sie zu verfolgen und zu gestalten.

Bisher lässt sich also schlussfolgern, dass die Bedeutung von *21<sup>st</sup> Century Skills* immer weiter zunimmt, und dass es verschiedene Ansätze zur Definition von *21<sup>st</sup> Century Skills* gibt. Nun bleibt aber die Frage, wozu genau wir denn 21st Century brauchen? Warum sollten wir Schulkindern *21<sup>st</sup> Century Skills* beibringen?

### Warum *21<sup>st</sup> Century Skills*?

Der erste Grund ist, dass es nachweislich einen Zusammenhang zwischen *21<sup>st</sup> Century Skills* und Schulnoten gibt. Kinder, die über bessere Kompetenz in *21<sup>st</sup> Century Skills* verfügen, schneiden im Durchschnitt besser in der Schule ab. Das betrifft verschiedenste Aspekte von *21<sup>st</sup> Century Skills*, wie die Fähigkeit, komplexe Probleme zu lösen, spezifische Lernstrategien zielgerichtet anzuwenden, eine gewissenhafte Arbeitsweise und die Fähigkeit zum kritischen Denken.

Zweitens ist Sozialkompetenz auch als Selbstzweck sehr wünschenswert, da sie zu einem besseren Miteinander führen kann, indem z.B. Probleme produktiv diskutiert werden. Hier ist natürlich auch die digitale Zusammenarbeit relevant, wie sich in den letzten Jahren verstärkt gezeigt hat.

Darüber hinaus kann das Lernen von *21<sup>st</sup> Century Skills* dazu beitragen, die Schule fairer für alle Kinder zu machen. Man stellt immer wieder Unterschiede zwischen verschiedenen Gruppen fest, z.B. schneiden Jungs besser im Problemlösen ab, während Mädchen besser beim kollaborativen Problemlösen abschneiden. Das hat verschiedene Gründe, wie unterschiedliche Interessen und Persönlichkeitsmerkmale, aber auch gesellschaftliche Stereotype, die sich hartnäckig halten. Wenn diese Fähigkeiten direkt trainiert werden, kann das dabei helfen, allen Schülern die gleichen Chancen in ihrer Ausbildung zu gewährleisten. Dabei spielen außerdem nicht nur Geschlechterunterschiede eine Rolle: SuS mit Migrationshintergrund schneiden im Durchschnitt etwas schlechter beim kollaborativen Problemlösen ab. Das lässt sich durch Unterschiede in der Leistung in den Hauptfächern erklären – wenn man diese Unterschiede kontrolliert, also bei diesem Vergleich herausrechnet, dann würden SuS mit Migrationshintergrund in Luxemburg sogar etwas besser im kollaborativen Problemlösen abschneiden. Auch hier könnte eine stärkere Fokussierung auf das Lehren von *21<sup>st</sup> Century Skills* zu mehr Chancengleichheit führen.

Zuletzt haben *21<sup>st</sup> Century Skills* einen Einfluss auf das Leben außerhalb und nach der Schule, sowohl indirekt als auch direkt. Indirekt, da zum Beispiel mit den besseren Noten auch bessere Berufsaussichten einhergehen. Direkt, da *21<sup>st</sup> Century Skills* wichtige Alltagskompetenzen sind. Um nur ein Beispiel zu nennen: Das kompetente Umgehen mit digitalen Medien ist besonders wichtig, wenn es darum geht, Fake News zu erkennen, was mit der Zunahme von sozialen Medien als Nachrichtenquelle immer wichtiger wird.

## Anforderungen und Herausforderungen der 21<sup>st</sup> Century Skills

Bei all diesen Vorteilen, die das Lehren von 21<sup>st</sup> Century Skills mit sich bringt, müssen natürlich auch die Anforderungen und Herausforderungen, die damit verbunden sind, beachtet werden. Das betrifft sowohl Eltern, Lehrer als auch Schülerinnen und Schüler. Lehrkräfte zum Beispiel müssen selbst Experten für 21<sup>st</sup> Century Skills werden, wenn sie diese unterrichten sollen. Der Unterricht muss entsprechend transformiert werden, damit 21<sup>st</sup> Century Skills in den schulischen Alltag integriert werden können. Das bedeutet natürlich eine Menge Arbeit.

Das gilt aber genauso für Schülerinnen und Schüler. Sie müssen bereit sein, sich mit diesen neuen Anforderungen auseinanderzusetzen. Dabei wären eine generelle Bereitschaft, zu lernen, sowie die Motivation, sich mit neuen Themen auseinanderzusetzen, natürlich wichtig. Das ist auch eine Frage des Blickwinkels. Am besten wäre es natürlich, wenn SuS für sich selbst lernen, aus Lust am Lernen, anstatt für die Note zu lernen. Ich kann mich selbst noch gut daran erinnern, dass zu meiner Schulzeit die Lehrer gesagt haben „Ihr lernt für euch, nicht für uns“ – das ist eine nette Idee, aber in der Realität sieht das natürlich oft ganz anders aus. Daher wäre es wichtig, die Motivation zu fördern, anstatt sie nur zu erwarten.

Dabei könnte ein anderer Ansatz des Lehrens und Lernens hilfreich sein. Anstatt darauf zu achten, was Kinder noch nicht können und wie man dieses Problem beheben kann, sollte man darauf aufbauen, was sie bereits können. Dazu bräuchte es ein individualisiertes Lernangebot von Lehrern für Schülerinnen und Schüler, bei dem auf die Kenntnisse und Bedürfnisse des einzelnen Kindes geachtet wird. Es könnte dabei helfen, eine generelle Wachstumsmentalität und die Lust am Lernen zu fördern.

## 21<sup>st</sup> Century Skills in der Praxis

Diese Ideen klingen in der Theorie wunderbar, aber wie soll das nun in der Praxis aussehen? Das ist eine sehr komplexe Frage, die man leider nicht mit ein paar Sätzen beantworten kann, und ich bin mir sicher, sie werden noch die Möglichkeit haben, ausgiebig darüber zu sprechen und zu diskutieren. Ich habe an dieser Stelle zur Inspiration noch ein paar Beispiele mitgebracht, wie eine Integration von 21<sup>st</sup> Century Skills in den Unterricht aussehen könnte, aber nicht muss.


Das erste Beispiel ist Norwegen. Dort wurden 21<sup>st</sup> Century Skills 2019 in den Lehrplan integriert. Dabei werden Schülerinnen und Schüler früh mit zentralen sozialen Themen und Herausforderungen vertraut gemacht (beispielsweise Gesundheit, „life skills“, Demokratie, nachhaltige Entwicklung). Darüber hinaus wird kritisches Denken Teil mehrerer Fächer, und viele Fächer wurden praktischer und explorativer. Außerdem wurden spezifische Inhaltsbereiche gestärkt, darunter Digitale Fähigkeiten, Programmieren und Technologie.

Ähnliche Ansätze gibt es auch bereits in Luxemburg, zum Beispiel mit dem Medienkompass, der Kindern früh digitale Kompetenzen näherbringen soll. Soweit ich weiß, gibt es noch keine direkte

breite Integration in das Curriculum (korrigieren Sie mich, falls es hier bereits Entwicklungen gab, die ich übersehen habe).<sup>3</sup>

Das zweite Beispiel ist eine beispielhafte Förderung der Selbstkompetenz, wie sie im deutschsprachigen Raum umgesetzt wurde, und zwar die Aktion „grünes zu Hause“: „Was könntet ihr (alleine oder mit euren Eltern) bei euch zu Hause ändern, um der Umwelt etwas Gutes zu tun? Überlegt euch eine Idee und schreibt auf, wie ihr sie umsetzen könntet. Ihr könnt die Idee auch wirklich umsetzen und beschreiben, wie ihr das gemacht habt!“ Hier wird also die Fähigkeit zur selbständigen Planung und Umsetzung eines (kleinen) Projektes gefördert, in einer Form, die den Kindern dabei noch Spaß macht (oder machen sollte).

Das letzte Beispiel ist die sogenannte Formative Evaluation. Dabei geht es darum, dass Tests zur Überprüfung des Wissensstandes durchgeführt werden. Wichtig ist dabei, dass es bei diesen Tests ausdrücklich nicht darum geht, eine Note zu erhalten. Sie sind dazu da, damit Lehrer sehen können, welches Kind bei welchem Thema noch Unterstützung benötigt, oder wo sie bereits sehr stark sind. Die Schülerinnen und Schüler können sich in diesem Rahmen auch gegenseitig Feedback geben. Das ist besonders hilfreich, wenn man Paare aus Kindern bildet, die sich gegenseitig gut ergänzen können, sodass sie voneinander lernen können.



Wichtig bei einer Integration in den Unterricht ist immer, dass es nicht darum geht, schulische Inhalte zu ersetzen. Vielmehr sollen sich schulische Inhalte und *21<sup>st</sup> Century Skills* gegenseitig ergänzen. Diese Abbildung des luxemburgischen Bildungsministeriums soll das verdeutlichen. Sie zeigt, dass es 3 Säulen gibt: Klassische Fächer, interdisziplinäre Themen, und *21<sup>st</sup> Century Skills*. Die Vernetzung dieser Säulen braucht es im tagtäglichen Unterricht. Interessant ist an dieser Stelle, dass gezeigt wurde, dass eine Integration in den Unterricht den Zusammenhang zwischen *21<sup>st</sup> Century Skills* und Noten besser fördert, als wenn *21<sup>st</sup> Century Skills* in extracurricularen Aktivitäten unabhängig vom Unterricht gelehrt werden. Das verdeutlicht, wie wichtig die Vernetzung der einzelnen Säulen ist.

Damit komme ich zum Ende der Präsentation. Um alle Themen noch einmal kurz zusammenzufassen: *21<sup>st</sup> Century Skills* können als fächerübergreifende Kompetenzen bezeichnet werden. Sie sind vielversprechend für die Förderung von Schülerinnen und Schülern. Bisher gibt es noch keine breite Integration in die Luxemburgischen Lehrpläne. Allerdings könnten Schülerinnen und Schüler von einer Integration der *21<sup>st</sup> Century Skills* in das Curriculum profitieren.

Ich danke Ihnen allen vielmals für Ihre Aufmerksamkeit. Falls es Fragen gibt, werde ich diese gerne beantworten.

3 Äntwert vum SCRIPT: Computational Thinking (Coding) gouf als transversal Kompetenz agefouert, ass awer nach net curricular verankert.

## 3.2 Präsentatioun vum Oflaf vun der Konsultatiounsphas

No der theematescher Aféierung an d'Erausfuerderunge vum 21. Jorhonnert huet den Halldor Hall-dorsson, Responsabel vun der Division vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT, den Oflaf vun der Konsultatiounsphas vum Projet erkläert. Sou konnten d'Elterevertrieder novollzéien, wéi sech hire Bättrag an de Gesamtprozess wäert aglidderen.

Am Confinement gong vun der Bildungspolitik de Message un d'Enseignanten, déi geplangten Inhalter fir d'Schouljoer 2019/2020 op dat Wichtigst ze reduzéieren. Dobäi gouf däitlech, dass den aktuelle Plan d'études net sou opgebaut ass, dass e fir de Fundamental e klore Konsens doriwwer vermëttelt, wat genee dat Wichtigst ass.

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung huet am Schouljoer 2020/2021 eng Recherche doriwwer lancéiert, wat fir eng curricular Léisungsusätz a Fro komme kéinten, fir op esou oder ähnlech Situatiounen an Zukunft reagéieren ze kënnen.

Och déi 7 Programmkommissiounen aus dem Fundamental (CNEF) hu sech zanter 2019 fir d'Iwwerschaffen vum Plan d'études ausgeschwat.

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung huet 2020 als Äntwert op dës Impulser via Online-Workshopen mat de 7 Programmkommissiounen (CNEF) an dem Collège des Directeurs aus dem Fundamental (CoDir EF) zum Theema 'Plan d'études' geschafft an diskutéiert. Den 10. Juni 2021 hunn dës Acteuren dem Här Minister Claude Meisch hir Avise presentéiert.

Doropshi gouf decidéiert, e breede Konsultatiounsprozess ze lancéieren an alleguerten d'Acteuren aus dem Enseignement ëm hir Meenung an no Iddien ze froen. Nach virun der grousser Vakanz vun 2021 huet d'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung d'Gewerkschaften SNE, SEW an AIP gesinn a si hunn hir Meenungen iwwert de Plan d'études duergeluecht.

Am Summer 2021 sinn déi nächst Etappen nach méi am Detail geplangt ginn.

D'Iwwerschaffe vum Plan d'études ass e Projet, deen eng grouss Envergure huet an et ass wichtig, dass all d'Acteuren an engem transparente Prozess abezunn ginn, fir dass d'Konzept, wat proposéiert gëtt, op engem gréisstméigleche Konsens baséiere kann.

Am Verlaf vum Konsultatiounsprozess an de Schouljoren 2021/22 an 2022/23 gëtt d'Personal aus dem Bildungsberäich invitéiert, fir zu 6 verschiddenen Theeme Stellung ze bezéien:

1. 'Eng gemeinsam Visioun fir den Enseignement Fundamental'
2. 'Méisproochegkeet: Eng Realitéit an eiser Schoul'
3. 'Grouss a kleng Iwwergäng an der Schoul'
4. 'Evaluéieren am Fundamental'
5. 'Méi Transversalitéit am Plan d'études?'
6. 'Formal an non-formal Bildung'

Nieft eenzelne Gespréicher mat méi spezifesche Acteuren ginn och d'Kanner konsultéiert.

De 14. Mee 2022 war et un den Elteren, hir Meenungen an Iddien zu dese verschiddenen Theemen ze formuléieren. De Rapport vun dësem Workshop wäert zesumme mat alle Reflexiounen aus dem Konsultatiounsprozess d'Iwwerschaffe vum Plan d'études mat guidéieren.

### 3.3 Atelieren

D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung an déi national Elterevertriedung hunn d'Theeme vun den Atelieren sou definéiert, dass se sech méiglechst no un den Theeme vun den anere CoLab-Workshoppem mam Bildungsberäich orientéieren. Sou ass et an enger nächster Phase méi einfach, d'Stëmm vun den Elteren bei de verschiddenen Theeme mat afléissen ze loossen.

**Atelier 1:** déi aktuell Programmer<sup>4</sup>

**Atelier 2:** d'Sproochen an der Schoul

**Atelier 3:** d'Iwwergäng an der Schoul

**Atelier 4:** Evaluatioun an der Schoul

**Atelier 5:** Ideen-Wand

D'Participantë si gebieden ginn, sech an deene 4 éischten Atelieren ze verdeelen. All Participant kann sech fräi vun engem Atelier an den nächste bewegen, sou dass jiddereen zu all Sujet seng Meenung konnt hannerloossen. D'Reflexiounen iwwert déi Sujeten, déi net an engem Atelier traitéiert gi sinn, konnten d'Participanten op enger Wand am Agangsberäich hannerloossen (Atelier 5), esou dass och hei een Austausch mat den anere Participantë konnt entstoën.

All Atelier gouf vun engem Mataarbechter aus der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung begleet, dee moderéiert an den Input mat festgehalen huet. Zum Deel hunn och Verrieder vun der nationaler Elterevertriedung mat moderéiert.

D'Participantë sinn ë.a. der Fro nogaangen, wéi eng Elementer am aktuelle Plan d'études gutt sinn a bäibehalen solle ginn, a wéi eng nei Schlësselkompetenzen an der Grondschoul vermëttelt an am weidere Verlaf vun der Schoulzäit ëmmer weider gefestegt solle ginn, fir de Kanner ee wäertvolle Kompass mat op hire Wee ze ginn.

Nieft aktivem a fräiem Brainstorming zu dëser Theematik goufe verschidde méi detailléiert Froestellungen an den Atelieren beschwat.

E puer Spezifikatiounen zu den Theemen a Froestellungen vun den eenzelnen Atelieren:

**Atelier 1: Les programmes actuels**

- > Quelles branches ou matières sont considérées comme nécessaires et utiles?
- > Quelles branches ou parties de programmes sont superflues dans l'opinion des parents?
- > Quelles branches, matières ou compétences devraient être ajoutées au programme de l'école fondamentale?

---

4 Well den Terme 'Plan d'études' villen Elteren onbekannt ass, ass entscheet ginn, éischter vu 'Schoulprogramm' ze schwätzen.

### **Atelier 2: Les langues à l'école**

- > Comment gérer la diversité linguistique dans les programmes?
- > Quelle langue apprendre et quand?
- > Dans quelle langue, l'enfant doit-il apprendre à lire et à écrire?
- > Quel rôle ou quelle place à la langue maternelle de l'enfant à l'école (Enseignement fondamental et secondaire)?
- > Quel est le rôle des parents dans l'apprentissage de la langue par l'enfant?
- > Comment peuvent-ils soutenir leur enfant dans cet apprentissage?

### **Atelier 3: Les passages**

- > Comment améliorer les passages du précoce vers le préscolaire, du préscolaire vers le cycle 2 et de l'enseignement fondamental vers le secondaire?

### **Atelier 4: L'évaluation**

- > Comment souhaitez-vous que votre enfant soit évalué? (Fréquence, méthodes, éléments, moments)
- > Quelles difficultés rencontrez-vous lors des échanges avec les enseignants? (Fréquence, type d'information, communication, supports, forme: écrit / oral, notes / texte)
- > Comment les parents devraient-ils être impliqués dans l'orientation scolaire des enfants? (À quel moment, sujets consultatifs, rôle)

### **Atelier 5: Boîte à idées**

- > Quels thèmes ne sont pas directement liés au programme officiel, mais essentiels à une bonne scolarité? (p.ex. prise en charge précoce des besoins spécifiques, bonne communication parents-enseignants, collaboration enseignement formel et non-formel...)
- > Op enger grousser Wand haten d'Elteren d'Méiglechkeet, déi Theemen an Iddien opzeschreiwten, déi hinnen nach um Häerz leien, mee déi se aus Zäitgrënn oder opgrond vun der theematescher Ausriichtung vun den Atelierien net konnten do uschwätzen a verdéiwten.

## 4 Zesummeffaassung vun den Diskussiounen

Op de nächste Säite fannt Dir eng Zesummeffaassung vun de verschiddenen Aussoen aus dem Co-Lab-Workshop mat den Eltere vum 14. Mee 2022. Déi nofolgend Andeelung a Regruppéierung vun den Inhalter gouf vun der Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT virgeholl. Bei den Inhalter, déi elo presentéiert ginn, handelt et sech ëm eng Basis fir eng weiderféierend Diskussioun ronderëm den neie Plan d'études 2025. Während munnech Aspekter méi dacks genannt gi sinn, huet et sech bei aneren (nach) ëm Eenzelaussoe gehandelt. Net all déi genannten Aspekter wäerten her- no an dat konkret Konzept fir de neie Plan d'études 2025 opgeholl ginn, mee si sinn awer wäertvoll Indikatore fir d'Richtung ze gesinn, déi den Terrain sech wënscht. Verschidde Partner wäerten op dëse Rapport reagéieren an dobäi verschidde vun de presentéierten Iddien opgräifen, esou wéi anerer fir sech verwerfen. D'Zil ass et, no all de gehéierte Stëmme e roude Fuedem erauszekristalli- séieren, op deem den neie Plan d'études 2025 kann opgebaut ginn.

### 4.1 Déi aktuell Programmer

Am Verlaf vun den Diskussiounen ronderëm déi aktuell Programmer an doriwwer, wéi se sollten an Zukunft evoluéieren, hu sech dräi Theemeschwéierpunkter erauskristalliséiert:

1. Wéi soll an Zukunft geléiert ginn?
2. Wat sollt geléiert ginn?
3. Wéi eng Kompetenze solle méi staark an den Mëttelpunkt réckelen?

Et ass opgefoll, dass d'Pädagogik, also d'Aart a Weis, wéi de Kanner Wëssen a Kompetenzen an der Schoul vermëttelt ginn, d'Participantë méi beschäftegt huet ewéi de Contenu vum Plan d'études selwer, also d'Wëssen u sech.

D'Kand sollt am Mëttelpunkt vum Curriculum stoen an et sollt do ofgeholl ginn, wou et steet. D'Schoul sollt dem Kand seng Kompetenzen a Stärkten am Viséier hunn an him d'Méiglechkeet ginn, déi nach ze verdéiwen. Och sollten d'Kanner iwwer eng breet Palette un Angeboten a verschiddenen Akti- vitéite selwer hir Kompetenzen an Interëten entdecke kënnen. Et gëtt sech e Curriculum gewünscht, wou d'Kand, mat Ënnerstëtzung vun sengem Enseignant, och selwer kann entscheiden, wéi eng Kompetenzen et wéi wëllt verdéiwen a wou et selbstbestëmmt léiere kann.



D'Schoul sollt och Freed maachen, dat war eng vun den éischten Aussoen. D'Freed um Léiere kann duerch ënnerschiddlech Outilen erreecht ginn (spilleresch, a Bewegung, duerch Projeten...) an er- héicht d'Motivatioun, fir ze léieren.



Et erkennt een an der Grafik hei uewendriwwer ganz kloer, dass de Wonsch no innovative Léiermethode mat de Kompetenzen zusammenhänkt, vun deenen d'Participanten fuerderen, dass de Plan d'études se vermëttelle soll. D'selbstbestëmmt a projetsbaséiert Léieren soll eng ganz Rei u Kompetenzen, déi am Moment net genug gefërdert ginn, méi an de Mëttelpunkt réckelen.

D'Participanten hu Kompetenze genannt, déi et dem Kand sollen erméiglechen, kritescht an onofhängegt neit Wëssen unzehuelen. Fir d'Eltere sinn doriwwer eraus d'Sozialkompetenzen essentiell, déi aus dem Kand e Mënsch maache géingen, dee säi Wee och an der Gesellschaft am grouse Ganzen fanne kann: solidaresch sinn, Respekt weisen, am Grupp funktionéiere kënnen, seng Emotiounen am Grëff hunn etc. An deem Kontext ass och de Wonsch opkomm, dass d'Enseignanten zum Thema '21st Century Skills' forméiert ginn.

D'Fuerderung, dass de Plan d'études méi no un de Kompetenze soll drun sinn, déi d'Kanner fir d'Liewen wäerte brauchen, spigelt sech schlussendlech an de Contenuen erëm, also am Wëssen an de Kompetenzen, déi de Plan d'études soll vermëttelen. D'Participanten hu gefuerdert, dass d'STEAM-Fächer (science, technology, engineering, arts and mathematics) méi wichteg ginn, awer och déi lëtzebuurger an international Kulturen an Traditiounen. Déi sexuell Opklärung sollt schonn an engem fréien Alter thematiséiert ginn an och déi handwierklech Fäegkeeten sollten am Plan d'études hir Plaz fannen.



## 4.2 Wéi kann een déi sproochlech Diversitéit an de Schoulen geréieren?

D'Froen, déi zum Theemekomplex 'Méisproochegkeet' traitéiert gi sinn, waren e. a. déi folgend:

- Wéi wichteg ass d'Sprooch, fir dem Jonke vu muer gutt Chancen ze ginn, säi Liewen ze maachen?
- Wat fir eng Roll spillt d'Mammesprooch an der Schoulcarrière vum Kand (Fundamental a Secondaire)?
- Wat mécht de Sproochenunterricht mam Kand?
- Wat fir eng Sprooch léieren a wéini?


- Op wat fir enger Sprooch sollt d’Kand kënnen d’Liesen an d’Schreiwe léieren?
- Op wat fir enger Sprooch sollen d’Course gehal ginn?
- Wat fir eng Roll sollen d’Elteren anhuelen, wann d’Kand liesen a schreiwe léiert?
- Wéi kënnen d’Elteren d’Kand dobäi am beschten ënnerstëtzen?
- Wëllen d’Eltere méi Opklärung hunn a Saache Sproocheléieren?

D’Reflexiounen konnten zesummefaassend agedeelt ginn an:

1. Wat sinn d’Vir- an d’Nodeeler vun der Sproochendiversitéit hei zu Lëtzebuerg a wéi eng Repercussiounen huet dëst op d’Kand?
2. Wat ass d’Roll vun den Elteren a vun der Familjesprooch vum Kand am Sproocheléieren?
3. Wéi soll de Sproochenunterricht gestallt ginn, fir dass e seng Friichten dréit?


D’Participantë ware beim Thema vun de Sproochen an der Schoul gedeelter Meenung. Eng Majoritéit vun hinnen huet déi grouss Sproochévillfalt an den héijen Niveau, dee bei de Kanner uviséiert gëtt, als eenzegaarteg Chance ugesinn. An der internationaler Aarbechtswelt bréngt d’Kënnen vun e puer Sproocher vill Virdeeler a stäerkt och d’Selbstvertrauen. Et gouf och begréisst, dass de Sproochenunterricht ze Lëtzebuerg scho ganz fréi ufänkt, zu engem Moment, wou d’Kanner nach méi Liichtegkeet hunn, sech net Wëssen unzeeegnen.

Niewent deene ville positive Punkten hunn d’Participanten awer och ervirgehewen, dass déi komplex Sproochesituatioun, wéi mir se hei am Land hunn, och Nodeeler fir d’Kanner kann hunn. Sou gouf festgehal, dass d’Gefor bestoe géing, dass d’Sproocher matenee vermëscht ginn an dass d’Kanner weder an hirer Mammesprooch nach an enger anerer Sprooch en Niveau errechen, deen d’Kanner an eisen Nopeschlänner errechen. Bei verschiddene Kanner kéint déi grouss Sproochévillfalt och zu Onsécherheeten féieren, sou dass si sech net trauen, ze kommunizéieren. Verschidde Participanten hunn och temoignéiert, dass Kanner sech a Gruppen kéinten ausgeschloss spieren, wann d’Majoritéit vun de Kanner eng aner Sprooch schwätzt. Niewent den eventuelle sozialen Ausgrenzungen hunn d’Participanten och festgestallt, dass d’Sproochekenntnisser, haaptsächlech d’Franséisch-Kenntnisser, déi ganz schoulesch Réussite beaflossen géifen: E schlechten Niveau an de Sproochen géif leider dozou féieren, dass déi aner Kompetenzen, déi e Kand huet, net méi berücksichtegt géife ginn an d’Kand échouéiere géif. Dëst gouf souwuel am Secondaire ewéi och am Fondamental festgestallt.




En anert Theemefeld, wat am Atelier beschwat ginn ass, war d'Roll, déi d'Elteren anhuele kënnen, fir hir Kanner beim Sproocheléieren ze ënnerstëtzen. Hei waren d'Participantë sech eens, dass d'Elteren eng reell Roll kënnen spillen, andeems si d'Beméiunge vun de Kanner ënnerstëtzen. Sou kënnen si mat de Kanner zesumme liesen a spillen, a vill Alldagssituatioune bidde sech un, fir Sproochen ze üben. Gläichzäiteg kéinten d'Elteren och mat engem gudden Beispill virgoen a sollte selwer net zécken, ganz natierlech mat Sprooch ëmzegoen. Och si sollte sech trauen, sech a méi Sproochen auszudrécken an op Leit, déi eng aner Sprooch schwätzen, zouzegoen.

Allerdéngs missten déi richteg Viraussetzungen geschafe ginn, fir dass d'Elteren hir Kanner gutt ënnerstëtze kéinten. Sou géif et zum Beispill hëllef, wann d'Elteren eng Aart Formatioun géifen ugebuede kréien, wou si erkläert kréien, wéi si hir Kanner am beschten ënnerstëtze kinnten. Et wier och nëtzlech, wann d'Eltere selwer eng Sproochenausbildung kréie kéinten, sou dass si hir Kanner beschtméiglech encadréieren kéinten. Des Weideren ass festgehale ginn, dass e fléissenden Dialog tëschent den Elteren, dem Enseignant an dem Kand och d'Kanner kéint dobäi ënnerstëtzen, hir sproochlech Kompetenzen ze entfalten.



Schlussendlech hunn d'Participantë sech iwwert déi aktuell Situatioun vun der Sproochendidaktik ausgetosch an eng Rei Verbesserungsverschléi proposéiert.

D'Participanten hunn, wéi uganks scho bemierkt, bemängelt, dass e schwachen Niveau an de Sproochen oft nët duerch d'Stärkten an anere Beräicher ka kompenséiert ginn. Ausgehend vun dëser Feststellung gouf festgehal, dass eng Pondéatioun vun de Sprooche sollt erméiglecht ginn. Sou sollten d'Kanner d'Méiglechkeet kréien, hir stäerkste Sprooch erauszesechen an déi Sprooch an engem méi héijen Niveau enseignéiert ze kréien. Déi Sproochen, déi fir de weidere Parcours vum Schüler eng manner bedeitend Roll anhuelen, respektiv, wou de Schüler sech onsécher spiert, sollte manner Gewiichtung an der Evaluatioun vum Schüler kréien. Dobäi kéint sech um Sproochesystem vun den ëffentlechen internationale Schoulen orientéiert ginn. Allerdéngs sollt déi lëtzebuergesch Sprooch net u Wichtigkeet verléieren a weiderhin d'Integratiounssprooch bleiwen.



Eng aner Pist, fir de Sproochenunterricht nei ze denken, wier den CLIL (*Content and language integrated learning*): E Fach, wéi z. B. Biologie, kéint an enger anerer Sprooch enseignéiert ginn, sou dass ee souwuel d'Sprooch wéi och dat Fach ka gläichzäiteg enseignéieren.

Insgesamt goufen am Atelier vill Virschléi gemaach, fir ënnerschiddlech Didaktiken am Sproochen-enseignement unzewenden: méi spilleresch mat Musek, Theater asw. Donieft gouf de Virschlag gemaach, dass Enseignanten an hirer Mammesprooch sollten enseignéieren, wat da géif heeschen, dass ee fir d'Däitscht, d'Franséisch oder d'Englescht sollt Enseignanten intervenéiere loossen, déi déi Sproochen als Mammesprooch hunn.

Och sollten d'Mammesproochen an d'Hirkonftskulturen vun de Kanner besser valoriséiert ginn an déi mëndlech Kompetenze vun de Kanner méi an de Vierdergrond réckelen.


Schlussendlech hu verschidde Participanten festgehal, dass de Précoce sollt Vollzäit an obligatoresch sinn. Dëst wier eng Méiglechkeet, fir d'lëtzebuerger Sprooch vu klengem un ze fërderen.

### 4.3 D'Iwwergäng an der Schoul

An dësem Atelier konnten d'Eltere fir d'éischt mol definéieren, wéi eng Transitiounen et an engem Schülerliewe ginn. Vun den Elteren wollte mir wëssen, wéi si déi verschidden Transitiounen erlieft hunn, wat hinnen an hire Kanner an der Transitiounsphas besonnesch gehollef huet a wéi eng Verbesserung si sech fir hir Kanner géife wënschen.

D'Participantë ware sech eens, dass et punktuell grouss Transitioune ginn, wéi z. B. d'Transitioun vum Précoce an de Cycle 1, mee dass all Schouljoer eng Transitioun ass an et souguer innerhalb vun engem Dag méi kleng Transitioune ginn, wéi z. B. vun der Schoul an d'Maison relais an zréck. Dofir sinn an deem Atelier ganz vill Virschléi gemaach ginn, déi sech net op eng bestëmmten Transitiounsphas limitéieren a bezéien, mee déi fir de gesamte Schoulsystem gëllen.


En Haapttheema vun dësem Atelier war d'Fräiheet, déi den Enseignant am Choix vun der Methodologie huet. D'Eltere stelle fest, dass beim Wiessel vum Enseignant och déi ugewandte Methoden änneren an dat zum Deel ganz staark. Dëst verlaangt vun de Kanner an den Elteren, ëmmer nees eng Agewinnungsphas ze duerchlafen, déi d'Transitioun vun engem Schouljoer an dat anert méi schwieereg mécht. Verschidden Eltere wënschen sech dofir méi Eenheetlechkeet an de Methodologien. Et wier d'Roll vun der Direktioun, dofir ze suergen, dass méi Kohärenz an de Schoulen entsteet. Des Weideren sollt d'Konzept vum Cycle, wat iwwer zwee Schouljoere geet, och méi berücksichtegt ginn. D'Eltere sinn der Meenung, dass nach ëmmer all Schouljoer eenzel betruecht an ofgeschloss gëtt, amplaz de Programm an d'Progrèsen iwwert 2 Joer ze considéieren. An deem Kontext ass och de Sujet vum 'rallongement de cycle' ugeschwat ginn, deen de facto wéi de fréiere 'redoublement' ugesi géing ginn. D'Kand géing also nët méi Zäit kréien, fir de Programm opzeschaffen, mee misst nach eng Kéier de gesamte Programm vun engem Schouljoer mat enger neier Klass a meeschtens engem neien Enseignant duerchschaffen. Dëst wier fir d'Kand extrem demotivant a géing seelen dozou féieren, dass et säin eventuelle Retard opschaffe kéint.



Well schlecht geplangten Transitionen oft eng Belaaschtung fir d’Kanner kënne sinn, hunn d’Eltere proposéiert, dass d’Enseignanten dofir en Zäitraum zougesprach kréien. Dës Zäit kéinte si notzen, fir sech cycleiwwergräifend besser auszetauschen.

Eng aner grouss Demande war et fir d’Elteren, besser iwwert de lëtzebuenger Schoulsystem, déi verschidden Optiounen a Méiglechkeeten ze informéieren. Wann och d’Eltere vu klengen Kanner scho fréi a besser informéiert géifen, da kéinten d’Elteren d’Kanner an den Transitionenphase besser ënnerstëtzen.


Niewent deene Virschléi, déi d’Transitionen am Allgemenge betraff hunn, hunn d’Elteren zwou Haapttransitionenphasen erausgeschéit: déi vum Précoce an der Spillschoul an déi vun der Grondschoul an dem Enseignement secondaire.



D’Wichtigkeet vum Précoce, fir d’Transition vum doheem oder der Crèche an de Cycle 1 ze verbesseren, ass vu ville Participanten ugeschwat ginn. An deem Kontext ass bemängelt ginn, dass d’Kanner net all déi selwecht Chance hunn, an de Précoce ze goen, well d’Horairen a ville Gemengen net mat der beruflecher Aktivitéit vun de Elteren kompatibel sinn. Dofir ass d’Fuerderung gestallt ginn, fir de Précoce fir all Kand obligatoresch ze maachen.

Well de Précoce och wichtig wier, fir schonn éischt sproochlech Basen opzebauen, ass proposéiert ginn, all Dag en ‘temps d’écoute’ anzeféieren, wou d’Kanner e kuerzen Text an där Sprooch solle lauschteren, déi si doheem net gebrauchen.

Dës Weideren ass als ‘best practice’, fir d’Transition vum Précoce an de C1 ze verbesseren, de Portfolio-Dag zeréckbehale ginn. D’Transition géing och besser verlafen, wann de Précoce an de C1 op deem selwechte Site sinn.



Déi meeschten Diskussiounen huet den Iwwergang vum Enseignement Fondamental an den Enseignement Secondaire ausgeléist. D'Haaptthema waren hei d'Epreuves communes, déi sech iwwert dräi Wochen zéien a bei ville Kanner fir vill Stress géife suergen. Gläichzäiteg gouf d'Orientatioun op Basis vun deenen Tester a Fro gestallt, well hei nëmme Wëssen an den Haaptfächer ofgefrot géif ginn an d'Niewefächer, wéi z. B. d'Sciences a Konscht, net berücksichtegt géifen. Et gouf sech gewënscht, dass méi Wäert op d'Kompetenzen an d'Interesse vun de Kanner geluecht géing ginn. Dofir missten d'Kanner vill méi fréi iwwer déi verschidde Berufsméiglechkeeten a Filièren informéiert ginn.


E puer Elteren hunn och bemierkt, dass d'Transitioun an de Secondaire fir vill Kanner schwiereg wier, well d'Approche eng ganz aner wier: Si hunn den Iwwergang als een 'Iwwergang vu Kompetenzen' op eng 'Culture de la faute' bezeechent. Et wier also ze iwwerleeën, wéi dës Transitioun besser gestalt ka ginn.

## 4.4 Wéi eng Evaluatioun wënsche sech d'Elteren?

Folgend Froe goufen am Atelier iwwert d'Evaluatioun diskutéiert:

1. Wéi eng Evaluatioun wënsche sech d'Elteren (Frequenz, Momenter, Methoden,...)?
  - **Firwat?** A wéi wäit ass d'Evaluatioun fir d'Elteren an d'Schüler nützlich?
  - **Wéini?** Zu wéi engem Zäitpunkt vum schoulesche Parcours ass d'Evaluatioun wichteg? Wéi oft sollen d'Kanner evaluéiert ginn?
  - **Wat?** Wéi eng Elementer sollten an der Evaluatioun mat berücksichtegt ginn?
2. Wéi een Austausch wënschen sech d'Elteren iwwert d'Fortschrëtt vum de Kanner? (Frequenz, Aart vum der Informatioun, Kommunikatioun, Ënnerstëtzung, Form: schrëftlech/mëndlech, Notten/Text)
3. Wat sinn d'Wënsch vum den Eltere fir déi schoulesch Orientatioun (zu wéi engem Zäitpunkt, Gesprächstheemen, Roll, Zesummenaarbecht, Informatioun)?
  - Wéi eng Roll géifen d'Eltere gären an der Orientatioun vum hirem Kand iwwerhuelen?
  - Fir wéi eng Punkte géife si gäre konsultéiert ginn?


Fir all dës Froen ze beäntweren, hunn d'Moderateuren mat 3 Panneae geschafft. Op deem éischte gouf festgehal, wat d'Participanten am Moment positiv fannen, op engem zweete Panneau déi Punkten, déi hirer Meenung no verbesserungswürdeg sinn, an op dem leschte Panneau konnte si hir konkret Virschléi fir d'Zukunft notéieren.



Um aktuellen Evaluatiounssystem begrëssen d'Participanten, dass déi mëndlech Kompetenzen méi Wichtigkeet hunn ewéi dat fréier de Fall war. De psychologesche Bilan, deen d'Kanner um Enn vum Cycle 4 maachen, ass och positiv bewäert ginn, well dëst den Elteren en anert Bild vum hirem Kand géing ginn. Och d'Tatsaach, dass déi formativ Evaluatioun am Gesetz verankert ass, ass vun de Participanten als positiv ervirgehewe ginn.

D'Elterevertrieder empfangen et als ganz positiv, wa Klassen d'Méiglechkeet kréien, Beruffer kennenzelieren. Geneesou begreisse si et, wann Externer an der Schoul intervenéieren, fir iwwert hire Beruff oder soss en Thema ze schwätzen.

Iwwer den zweete Panneau gouf am meeschte geschwat. Do hunn d'Aussoen iwwert all dat, wat misst verbessert ginn, hir Plaz fonnt.



Insgesamt ass sech vun den Elterevertrieder eng besser Kommunikatioun mat den Enseignantë gewënscht ginn, déi iwwert d'Bilansgespräch erausgeet. Grad Eltere vu Kanner mat spezifesch Besoinen wënschen sech, méi agebonnen ze ginn, fir dass si hiert Wëssen iwwert hir Kanner mat den Titulairen deele kënnen.

Dës Weidere wënsche sech verschidden Elteren nees e 'Ranking', wou si kënnen erkennen, wou hiert Kand sech par rapport zum Klassenduerchschnitt situéiert. Och fir d'Kanner wier esou e Ranking wichteg, fir dass si sech selwer par rapport zu anere Kanner situéiere kéinten.

D'Eltere vu 'staarke' Kanner wënsche sech par contre, dass si beim Bilansgespräch Piste kréien, wéi si hiert Kand nach méi fërdere kënnen. Zweek Punkten, déi sech manner op d'Evaluatioun bezéien, mee an deem Kontext ernimmt gi sinn, waren eng besser Abannung vun den Elteren an de Schoulen, fir z.B. Liesprojeten oder fir iwwert hire Beruff ze schwätzen. Donieft sollten d'Elteren och an den fréien Cyclë vum Fondamental besser iwwert d'Offer am Secondaire informéiert ginn.

En anert Thema, dat am Kontext 'points à améliorer' ugeschwat ginn ass, ass d'Pondéeratioun vun de Contenuen. Dës Iddie sinn opkomm, wéi d'Fro gestallt ginn ass, wat eigentlech sollt evaluéiert ginn. Verschidden Elterevertrieder hu sech gewënscht, dass et bei der Orientatioun net sou staark an d'Gewiicht sollt falen, wann ee Schüler besser an enger Sprooch ass a manner gutt ass an enger anerer. Donieft sollten och d'Interesse vun de Kanner erfaasst ginn an am Kompetenzbilan géigeniwwer gestallt ginn. Dëst kéint bei der Lecture an Interpretatioun vun dësem hëllefen.

Dat drëtt Thema, wat am Kontext vun der Evaluatioun diskutéiert ginn ass, war d'"Notte ginn". Hei hunn Eltere gesot, dass et fir verschidder vun hinne schwéier nozevollzéie wier, wéi d'Endnott, déi herno um Bilan steet, sech zesummesetzt. D'Eltere wësst nümmech just, wéi eng Notten d'Kanner an de Tester kritt hätten, mee fir d'Endnott géifen dann nach aner Krittären mat a Considéeratioun geholl ginn a si bedauern, dass dës net esou transparent kommunizéiert géinge ginn. Verschidde Participantë gesinn et och als problematesch un, dass d'Enseignantë keen unifizéierte Notte-System verwenden: nient A; B; C... géif z. B. och heiansdo den A+ oder A++ benotzt. Ob en Enseignant méi oder manner streng évaluéiert an notéiert, wier och problematesch am Hibleck op eng gerecht an objektiv Orientatioun.

Op déi Fro hin, ob et iwwerhaupt nach sollt Notte ginn, sinn d'Meenunge staark ausernee gaangen: verschidden Elteren waren der Meenung, dass een am Fondamental guer keng Notte sollt hunn, anerer waren der Meenung, dass ee fir den Cycle 2 keng Notten sollt hunn, dofir awer d'Entwécklung vun dem Kand dokumentéieren misst an den Elteren matdeele sollt. Nach anerer hätte léiwier am Cycle 4.2. nient dem aktuelle Nottesystem och nach Notten op 60 Punkten fir op de Secondaire virzubereeden.

E weidert Thema iwwert dat diskutéiert ginn ass, war d'Mise en oeuvre vun der Evaluatioun: wat sollt evaluéiert ginn a wéi? Hei gouf begréisst, dass déi formativ Evaluatioun am Gesetz stéing. Leider géif se net telle quelle fir all Kand ëmgesat ginn. E puer Vertrieder waren der Meenung, dass déi defizitorientéiert Evaluatioun sollt ofgeschaf ginn. Et géif am Moment ze vill gekuckt ginn, wat d'Kand net richteg gemaach huet amplaz ze kucken, wat d'Kand géif richteg maachen. Hei gouf

och d’Theema vum Testen ugeschwat. Zum Deel ass empfonnt ginn, dass d’Kanner fir d’Tester vill Zäit géife verléieren, déi hinne géif feelen, fir ze léieren. Anerer waren der Meenung, dass duerch ze vill testen d’Vertrauensbasis zum Enseignant kéint gebrach ginn. Et wier wichteg, deen Tandem Enseignant-Schüler oprecht ze erhalen.

Schlussendlech hunn e puer Elterevertrieder drop higewisen, dass och d’Enseignantë sollten evaluéiert ginn, an zwar all Joer, sou wéi dat am private Secteur üblech wier.

Eng läscht Diskussionsronn gouf et nach zu de Perspektiven, also doriwwer, wat d’Eltere sech fir d’Zukunft wënsche géifen a virun allem, wat hir Léisungsvirschléi fir déi opgeworfe Problematiken wäeren.

D’Propos ass gemaach ginn, d’Enseignantë méi ze encadréieren, wat d’Evaluatiounspraxis ugeet, fir dass se op nationaler Ebene op eng eenheetlech Aart a Weis bedriwwen géif ginn.

Een Elterevertrieder huet sech eng besser Kontinuitéit tëscht dem Personal aus dem EF an dem ES gewünscht. Fir e besseren Austausch vun Erfahrungen tëscht dem Léierpersonal innerhalb vun enger Schoul ze garantéieren, sollt den Teamteaching weider encouragéiert ginn. Dëst géif et der Equipe als Ganzt erméiglechen, e méi komplett Bild vun de Kanner ze kréien, wat bei der Evaluatioun géif hëllefen.

E puer Elterevertrieder waren der Meenung, dass d’Abanne vun Externe sollt verpflichtend gemaach ginn. Dës hätten dacks aner Approchen, eng aner Expertise a kéinten dozou bäidroen, e méi komplett Bild vum Kand bei der Evaluatioun ze ginn.

Nach aner Elterevertrieder hunn ervirgestrach, dass vill méi Wäert op den ‘enseignement différencié’ misst geluecht ginn. Dat bedeit dann och, dass ee méi differenzéiert evaluéiere sollt. An deem Kontext hunn d’Elterevertrieder sech gewünscht, dass d’Enseignanten eng Grondausbildung misste kréien, fir besser mat Kanner mat spezifesch Besoinen an der Schoul ëmzegoen.

## 4.5 Boîte à outils

D’Organisateure vum CoLab-Workshop ware sech bewosst, dass d’Elterevertrieder wahrscheinlech nach ganz vill Iddien a Virschléi am Kapp haten, déi si méiglecherweis net all an de 4 Atelieren theematesch ënnerbréngen konnten. Fir deenen Iddie Raum ze ginn, ass den Elterevertrieder d’Méiglechkeet gebuede ginn, weider Iddien, Virschléi a Stéchwierder op enger Wand opzeschreiw.

D’Virschléi, déi een hei zeréckfënnt, kënnen an 3 grouss Kategorien opgedeelt ginn.

Zu där éischter Kategorie zielen Iddien, déi sech op den **Inhalt vum Curriculum** bezéien. Ganz wichteg schéngt den Elteren ze sinn, dass am Plan d’études och Plaz fonnt sollt ginn fir Inhalter ewéi Meditatioun, Bienveillance, Wuelbefannen a Philosophie, a Wäerter, wéi de géigesäitege Respekt an Toleranz ze verankeren. Insgesamt sollt de Kanner d’Freed um Léieren vermëttelt ginn. Si sollten och Autonomie léieren a léieren, wéi si fir sech beschtméiglech léieren.

Eng zweet Kategorie un Theemen, déi een um Panneau erëmfënnt, sinn d’Iddien, déi sech op d’**Schoulorganisatioun** bezéien. Do gouf e.a. verlaangt, dass d’Kanner keng Hausaufgabe méi sollte kréien. Och sollt de Léierrythmus vun all Kand besser respektéiert ginn. Donieft hu verschidden Elterevertrieder bemierkt, dass d’Kanner jee nodeem, a wéi enger Gemeng se wunnen, aner Méig-

lechkeeten hunn, z. B. e Vollzäit- oder en Hallefdag-Précoce, eng méi oder manner performant informatesch Infrastruktur (I-Pad asw). Een Elterevertrieder huet och bemängelt, dass heiansdo eng ganz Klass net an d’Kolonie kinnt goen, well ee Kand ‘méi schwiereg’ wier, wat net gerecht wier.

Dat drétt Theemefeld regroupéiert d’Virschléi, déi sech op den **Encadrement vun der Schoul** bezéien. Do ass de Virschlag gemaach ginn, dass dem Léierpersonal eng Formatioun am Beräich vum Erkennen an der Preventioun vu Burn-out bei Kanner misst ugebuede ginn. Och sollten Hëllefsservicer, wéi z. B. de SCAP<sup>5</sup> méi séier intervenéiere kënnen. D’Zesummenaarbecht téschent der Schoul an der Maison-relais sollt verbessert ginn. Een Elterevertrieder proposéiert, dass all Joer een obligatoreschen Elterecours misst stattfannen. Aner Elterevertrieder hunn och notéiert, dass méi Personal (Éducatoren, Psychologen...) misst disponibel sinn, fir verhalensopfälleg Kanner ze encadréieren. Zu gudder Lescht bleift nach ze bemierken, dass verschidden Elterevertrieder sech eng besser Integratioun vu Kanner mat spezifische Besoine wënschen.

---

5 SCAP = Service de Consultation et d’Aide pour troubles de l’Attention, de la Perception et du développement Psychomoteur.

## 5 Kontakt

Nom Stand vun November 2022 kënnt Dir onofhängeg vun de CoLab-Workshops ee Sondage iwwer de Plan d'études ausfüllen, dëst ënnert dem Link <https://curriculum.lu/questions-1-3-fev-22>.

Dir hutt Froen oder Ureegungen zum Projet "Plan d'études 2025" a wëllt mat eis a Kontakt trieden? Da kontaktéiert eis via d'E-Mail-Adress [curriculum@script.lu](mailto:curriculum@script.lu).

Op eisem Internetsite [www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu) fannt Dir Informatiounen iwwer de Projet 'Plan d'études 2025'.

### Merci!

Mir soen all de Participanten an allen interesséierten Acteuren, déi eis bis elo kontaktéiert hunn, villmools Merci fir hiren Asaz! Mir freeën eis dorobber, dëse Wee weiderhi mat lech ze goen!


Mat beschte Gréiss


D'Divisioun vun der Curriculumsentwécklung vum SCRIPT

**Curriculum**  
Division SCRIPT

## 6 Fotogalerie

### Atelier 1 - Les programmes actuels





Participative  
Gesellschaft

Wat wëlle  
mir?  
Cf. industrialis  
station

Comment  
↳ savoir-  
faire  
Adapten

Happy Children  
When Learning  
Passion/Interest  
Identification

FREED UP  
LEIEREN  
→ ween ex cathedra  
Unterricht  
→ mei praktesch  
orientiert  
→ mei Lëeren +  
Bewegung combo

SE RETIÈREN  
QUESTION,  
ÉCOUTER,  
DÉVELOPPER,  
RESTER OUVERT À  
DES IDÉES DIFFÉRENTES  
ÉVOLUER

D'Schoul  
spillt eng  
wichtig Roll  
fir d'Integratioun  
an d'Colesions  
an eiser Gesellschaft

Bonne  
infrastructure  
(≠ de container!)  
→ +

Spaß beim Lernen  
Qualifikation beim  
C2 schon Technische  
Multi-cultu) Respekt  
Fähigkeiten, Fördern  
Interesse Digitalisierung  
Talent Versella

Mei Screenen  
am Fondament  
Net rëmmen  
Sproochen!

EXPLIQUER AUX  
PARENTS LA DIVERSITÉ  
DE L'OFFRE SCOLAIRE  
LES CHOIX D'ORIENTATION  
PASSIBLE.  
PLUS DE COMMUNICATION

axer plus sur  
les échanges oraux  
et groupes de  
travail  
(projets)  
des Cycle 2

In Ehrfurcht  
empfangen  
In Liebe  
begleiten  
In Freiheit  
entlassen

d'Kanner  
individuel  
fördern an  
denkberäicher an  
denen hir Kompetenze  
Talenter leien

Préparer  
à la vie professionel  
social  
personel

Mei  
flexibel

NATURE  
EXPERITIENIER  
APPRENDRE EN  
FAISANT DES  
ERREURS, C'EST  
OK

Menschen déi  
Solidarisch denken  
+ handelen, welt-  
ohne Sinn a  
Carabel sinn  
sch seier an  
vill situations

Life-skills

JE SUIS LA  
FORLE MOTRICE  
DE MA VIE &  
JE PEUX CHANGER  
LE MONDE ou  
faire de mon monde  
pour le rendre bien

PLUS UTILISER LA  
RICHESSE DU  
MULTI-CULTURALISME  
AN LUXEMBOURG.  
PARLER DES DIFFÉRENTES  
TRADITIONS, FOOD  
FESTIVAL ...

Förderung und  
Entwicklung der  
Fähigkeiten +  
Kompetenzen des  
Kindes.

Kind im Mittelpunkt.  
SoSein des Kindes  
annehmen + fördern  
→ gut mit sich selbst  
sein lernen  
(Selbstgefühl)  
→ gut in Gruppe/Gemein-  
schaft sein erfahren  
(Zugehörigkeitsgefühl)

Handwerkliche  
Fähigkeiten  
fördern  
Handwerke,  
Berufe  
entdecken

Compétences à  
intégrer dans le  
Curriculum  
• gérer les émotions,  
les conflits  
• respect  
• team-work

STEAM

LUXEMBOURG  
MULTICULTURES  
NOUS SOMMES  
L'EXEMPLE POUR  
AUTRES PAYS

Gesellschaft  
aver och  
net preët

MAINTENANT  
ACTION  
AUJOURD'HUI  
BOUGEONS  
MAINTENANT  
LOCALEMENT

**FORT VON FÄHER**

⇒ **TRANS-DISZIPLINÄR**

**EVRAS** dans le Curriculum  
→ Education à HUE, relationnelle, affective et sociale (Beispiel Belgien)

**MESURE DES RESULTATS**  
BENCH MARKING INTERNAZIONALE  
PARTICIPER DE NOUVEAU A PISA!

X Communication - feeling Expression  
X Labs  
X Manuel extant  
Agriculture  
Nature  
Art  
X Intellektuelaktivitäten

droits de l'enfant

X Esprit Critique  
eg. Covid  
- Data Science  
- Project Management  
- Pico Analysis  
- Core Analysis  
- Historical Analysis  
- Influence Game Analysis  
- Stakeholder, Spoken  
- Opinion Writing  
- Production

**Léierpersonal**  
sell wat Passion darbiem  
→ Kompetenzen vum Léierpersonal iwwerdenken

The Basics in als viditje an Léier  
Léier ze rannen  
organisieren, spullen  
strukturen  
**METHODOLOGIE**

Projetbaverte Lernen  
Bsp. Windenergie  
wie/wann/warum  
bauw ich ein  
Windkraftwerk)

**PLUS DE FLEXIBILITE D'OPTIONALITE DANS LE CURRICULUM POUR S'ADAPTER A LA DIVERSITE DES LEARNERS**

Selbstbestimmtes Lernen.  
Lust am Lernen.  
Jeder Lernt in seinem Rhythmus

Formation continue obligatoire pour tout ce qui touche évolution méthodes d'apprentissage + éléments considérés à avoir (comme par ex. etc.)

accès informatique + matériel identique pour chaque école

inviter ash1 ou programmeurs qui animent atelier programmation

**Schüler am Mittelpunkt net Schoulsprogramm**

Comme au Japon → écoles mélangent toilettes & communs → respect des lieux + apprentissage du vivre en commun dans le respect des autres

méi programmieren  
w'klengen un  
fir an der digitaler  
Arbeitswelt  
prett ze sinn

Attitud + Ambiance vu Leistungsorientierung a Fehlerfreundlichkeit  
↳ Optimismus fördern

Mise en oeuvre des compétences transversales: par un projet annuel dans chaque classe (culture, environnement, ...)

1 sortie (liste, culture, etc.)  
obligatoire par trimestre

**Motivation Learning by gamification**

**Natur school + Digital school**

**Participativeu**  
(Code von de Kanner)

**Léiergeschicht**  
iwwerall  
(net nëmmen an der Schoul)  
→ Professionneiert kuerz mat abonnen (Eidern)

Avoir l'esprit ouvert  
Ecouter les enfants apprendre

**Comment apprendre à apprendre**

IMPLIQUER LES PARENTS DANS LES GRANDES DECISIONS AVANT QUELLES NE SOIENT FINALES

même programme minimum pr tous per ax sortie musée / mois  
1x sortie nature / mois etc. → étudier hors classe

Requiert que chaque école applique les projets pilotes réussis

Enfants responsables  
- 1 Bêtre  
↳ 1 réparation qui contribue à la faire grandir

**Comment y arrive pour implementer**

**Mix activités manuel & cognitif**

1x an la classe participe à un projet qui encourage la solidarité → préparer des repas, Grosss Bote nature, mini conseil communal pr enfants

**Net nëmmen 1 Method**  
→ Vielfalt vun de Kanner berücksichtigen



LÉIEREN OP INTERNET dat richtegt wum falschen z'ennerscheiden. Fact checking. Soust net möglich

X Esprit Critique  
Keg. Covid  
eg. Recursion / OVA  
- Data Science  
- Pico  
- Core  
- History  
- Stakeholder interact







Atelier 3 - Les passages



## Atelier 4 - L'évaluation







[www.curriculum.lu](http://www.curriculum.lu)



[www.script.lu](http://www.script.lu)